



Duerch déi Ofännerung hei gi mer eis déi néideg Flexibilitéit, fir dat vu Fall zu Fall kënnen nei festzeleeën, och opgrond vläicht vun onerwaarten Evenementer, déi de Kalenner emol eng Kéier kënnen duerjernegeheien. Duerfir wäert och eis Fraktioun deen doten Deel stëmmen.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Bodry. An ech gi gläich d'Wuert weider un d'Madamm Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Villmools Merci, Här President. Am Numm vun der gréngeger Fraktioun schlëssen ech mech meng Virriedner un. Mir si frou, datt hei méi e grouss Konsens entsteet, an hoffen, datt jiddwereen dës zwou Modifikatiounen wäert droen.

Ech wëllt dann och nach eng Kéier dem Här Reding Merci soe fir seng neutral Aart a Weis, de Rapport ze bréngen a konstruktiv matzeschaffen.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Madamm Lorsché. An dann ass et um honorerabelen Här Marc Baum.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Jo, Merci, Här President. Also wat deen ee Volet ugeet fir d'Verleeë vun der Ried vum État de la nation, hu mer natierlech och guer kee Problem, vu d'Situatioun an datt et effektiv sënnslos gewiescht wier, datt kuerz no der Budgetried nach eng Kéier eng Ried gehale gi wier iwwert den État de la nation.

Mer fannen awer natierlech, wéi dat eis Manier ass, e klengt Heeërchen an der Zopp, nämlech ass dat deen ominéise Bureau vun der Chamber, deen eben net esou funktionéiert wéi eng normal Kommissioun, wou och am Chambersreglement, an den Här Bodry huet drop opmierksam gemaach, keng Proportionalitéit virgesinn ass. Dat heescht, theoretesch kéint d'Majoritéit de Bureau just besetze mat Membere vun der Majoritéit. An et ass eng Form vun „good will“, datt dat net stattfënnt.

Ech mengen, datt déi Froen, déi opgeworf gi si vun der Proportionalitéit an awer och, wéi den Här Berger gesot huet, vun der Capacitéit, fir sech eventuell ersetzen ze loosser, nach eng Kéier sollte seriö diskutéiert ginn. A mir ginn, wéi gesot, mat dësem Hoer an der Zopp, dat entre-temps dann elo schonn op der Zong ukomm ass, awer den Accord zu dësem Projet.

(*Interruption et hilarité*)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Baum.

D'Diskussioun ass domadder ofgeschloss. Mir kéimen dann zur Ofstëmmung vum Änderungsverschlach vum Chambersreglement 7405. Den Text steet am Document parlementaire 7405<sup>1</sup>.

### Vote sur l'ensemble de la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 7405

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. An dann de Vote par procuration. De Vott ass heimadder ofgeschloss.

Dësen Änderungsverschlach ass mat 60 Jo-Stëmmen, dat heescht eestëmmeg, ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Paul Galles), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Martine Hansen), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spatz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

### 8. 7422 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés sur la vérification des pouvoirs relative au Parlement européen

Dee leschte Punkt vum Ordre du jour ass den Änderungsverschlach vum Chambersreglement 7422 iwwert d'Vérification des pouvoirs fir d'Europaparlament. Och hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. An ech géif direkt dem Rapporteur, dem honorabelen Här Alex Bodry, d'Wuert ginn.

#### Rapport de la Commission du Règlement

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*), *rapporteur*.- Jo, Merci, Här President. Ech denken, opgrond vun den Diskussiounen, déi mer an der Reglements-kommissioun haten, dass dat heiten och dierft méi konsensuell gi wéi déi éischt Ofännerung vun eise Chambersreglement. Well eigentlech ass déi heite Reform eng logesch Suite vun där Decisioun, déi mer den 19. Juli d'lescht Joer

hei als Chamber geholl hunn, wéi mer eist Reglement an deem Sënn ëmgeännert a vervollstännegt hunn, dass mer eng genau Prozedur festgeluecht hunn, wat d'Vérification des pouvoirs ugeet an notament och wat d'Validatioun vun de Chamberwahlen hei zu Lëtzebuerg ugeet, wou mer d'Suerg haten, dass mer méi no un international Standarden erukommen, wat eben dee ganz sensibele Punkt betrëfft vu politesche Wahlen.

Well mer hei zu Lëtzebuerg an der Situatioun sinn, an där och eenzel aner europäesch Länner sinn, dass d'Parlament selwer Juge ass iwwert d'Zesummesetzung vun där Instanz, ass et och selbstverständlech, dass natierlech do kann e Soupçon vun Ofhängegkeet a vu Partialitéit entstoën. Duerfir ass et wichteg, dass ee sech eng Rei vu minimale Garantie gëtt iwwert d'Prozeduren, dass déi Aarbecht vun deem Parlament seriö gemaach gëtt.

Dat hu mer fäerdegbruecht fir eist nationaalt Parlament. An ech denken, dass mer dat och elo wäerte ronnkrie fir d'Europaparlament.

Bon. Et ass esou, dass nom Wahlgesetz - an der Verfassung steet näischt dran - d'Chamber zoustänneg ass, fir déi Verifikatioun vun den Europawahlen hei am Land ze maachen. Dat sinn d'Artikelen 282 an 283 vun eise Wahlgesetz.

Et ass schonn erstaunlech, muss ech soen, dass d'Reglement vun der Chamber dann awer total stomm ass zu där doter Fro. Dat heescht, d'Chamber ass responsabel, fir déi Verifikatiounen ze maachen, mä eist Reglement seet net, wéi se dat mécht. An do gëtt dann aus pragmatesche Grënn, zënter dass déi Verifikatioun gemaach gëtt, dat heescht, zënter dass mer am Fong d'Direktwahl vum europäesche Parlament hunn, gesot: „Ma dann applizéiere mer déi Prozedur, déi mer fir d'Nationalwahlen hunn. Mer kucken, déi dann och am Fall vun Europawahlen kënnen ze applizéieren.“

Dat ass natierlech eng Situatioun, wou ech ka soen, dass mer eigentlech d'Gléck haten, dass et net zu seriö Contestatiounen eng Kéier bei den Europawahlen hei zu Lëtzebuerg komm ass, well dann hätte mer op relativ wackelege Bee gestanen, fir ze rechtfertegen, wéi dann déi Chamber hei ouni Texter am Detail déi Verifikatioun vun de Wahlen virhëlt a wéi se virun allem op Reklamatiounen reagiert, déi vu bausen un d'Chamber géifen erugedroe ginn, well jo och hei u sech keen Text seet, dass e Geriicht zoustänneg wär, fir dat ze maachen.

Bei de Kommunalwahlen ass et jo esou, dass et do am Endeffekt eis Gerichter sinn, déi decidéieren, soudass et also aus Iwwerleeunge vu méi grousser Rechtssécherheet an och vun enger, mengen ech, entwéckelter Rechtsstaatlechkeet wichteg ass, dass mer och, wéi mer dat bei de Chamberwahl maachen, bei den Europawahlen déi Prozedur am Detail am

Reglement vun der Chamber da festleeën, well jo d'Chambersreglement och no enger zumindest eelerer Jurisprudenz als gläichwäerteg ugesi gëtt par rapport zu de Gesetz, insofern et natierlech d'Organisatioun vun der Chamber betrëfft.

Déi Reglementsännerung, déi mer also hei maachen, ass deemno iwwerfällg. Mir hunn och net hei probéiert, total nei Weeër ze goen. Mir hunn eis elo praktesch eent zu eent mat liichten Adaptatiounen op deem engen oder anere Punkt un déi Prozedur gehalen, déi fir d'Éischt elo gespilt huet bei de leschte Chamberwahlen an déi mer dann och schonn an eise Reglement stoen hu fir d'Nationalwahlen.

Änlech wéi bei de Chamberwahlen ass et also esou, dass hei d'Regularitéit vun de Wahlen festgestallt soll ginn, dass d'Wahlresultat och kontrolléiert gëtt a virun allem och kontrolléiert gëtt, ob déi Gewielten déi gesetzlech Bedingungen erfëllen, fir kënnen dat Mandat iwwerhaupt ze exercéieren.

Dat heescht also am Kloertext: Et muss esou sinn, dass d'Kandidaten d'Eligibilitätsbedingen, déi d'Gesetz virschreift, erfëllen. Et muss esou sinn, dass se net iergendwéi an de Beräich vu gesetzlechen Onvereinbarkeeten falen, wat familiär Relatiounen ugeet. An et muss och esou sinn, dat ass spezifesch fir d'Europawahlen: Si dierfen net och Kandidat bei den Europawahlen an engem anere Land gewiescht sinn. Dat ass eng zousätzlech Konditioun, déi hei bäikënnt par rapport zu deem, wat mer bei den Nationalwahlen hunn.

Dat muss also kënnen festgestallt ginn. Dat geschitt doduerjer, dass Attestatiounen bruecht ginn, dass och Deklaratiounen gemaach gi vun deene Betreffen. A wann natierlech déi Deklaratiounen falsch wäeren, dann hätt dat Repercussiounen op hir Situatioun. Well och während dem Mandat bleift d'Chamber weider zoustänneg, wann eng nei Onvereinbarkeet géif optauchen oder bekannt ginn, fir feststellen, ob déi Persoun nach dierf weider fir Lëtzebuerg am Europaparlament setzen.

Et ass also net nëmmen am Moment, wou d'Mandat ugetratt gëtt, wou déi Verifikatiounen stattfannen, mä wann et herno zu enger Situatioun kënnt, dass e Soupçon besteet, dass déi Persoun iwwerhaupt nach weider kann am Europaparlament setzen, dann ass och d'Chamber zoustänneg, fir dat feststellen an ze kontrolléieren.

A schlussendlech ass och virgesi mat enger vereinfachter Prozedur, wann een Europadeputéierte stierft oder aus anere Grënn mat sengem Mandat ophält, dass dann och beim Suppleant, deen da géif noréckelen, eng Kontroll stattfënnt, ob en d'Viraussetzungen erfëllt, fir kënnen dat Mandat als Europadeputéierten ze erfëllen.

## Le saviez-VOUS ?

### PÉTITION PUBLIQUE

La pétition publique ne peut être introduite et signée que par le formulaire spécial disponible sur le site Internet de la Chambre des Députés ou par un formulaire sur papier mis à disposition par les services de la Chambre. Elle doit être d'intérêt général et d'intérêt national et respecter les principes d'éthique. Un sujet similaire à celui d'une pétition précédente ne peut être introduit qu'après un délai d'une année.

Pour introduire et aussi pour signer une pétition publique, il faut être âgé d'au moins 15 ans et être inscrit dans le registre national des personnes physiques, disposer donc d'un numéro de matricule. La Commission des Pétitions examine la pétition et émet un avis au sujet de la recevabilité.

La Conférence des Présidents décide de sa recevabilité.

Si une pétition électronique atteint ou dépasse le seuil des 4.500 signatures, un débat public est organisé au sein de la Commission des Pétitions et de la commission compétente pour le sujet en question. La réunion est transmise en direct par la chaîne télévisée de la Chambre.

Les pétitions publiques n'ayant pas atteint le seuil des 4.500 signatures peuvent être, sur demande du pétitionnaire, converties en pétition ordinaire.

### PÉTITION ORDINAIRE

La pétition est une demande d'un particulier ou d'un groupe de particuliers à la Chambre des Députés en vue de provoquer une décision à leur avantage ou en faveur de la cause qu'ils défendent. Les pétitions sont adressées au Président de la Chambre qui les renvoie soit à la Commission des Pétitions, soit aux commissions saisies d'un projet ou d'une proposition de loi à laquelle la pétition se rapporte, ou en décide le dépôt sur le bureau de la Chambre. La Commission des Pétitions décide, suivant le cas, soit de les renvoyer à un ministre ou à une autre commission de la Chambre, soit de les déposer sur le bureau de la Chambre, soit de les classer purement et simplement.





## Le saviez-VOUS?

## VOTE DE LA LOI

La Chambre des Députés se prononce sur les projets et propositions de loi dans le cadre de plusieurs votes. Un projet ou une proposition de loi peut être soumis au vote par division sur demande de cinq députés au moins. Si des modifications ont été adoptées, la Chambre procède ensuite au second vote réglementaire sur ces amendements après que le Conseil d'État a donné son avis à leur sujet. Ce vote tient son nom du fait qu'il est prévu par le Règlement de la Chambre. L'étape suivante concerne le vote sur l'ensemble du projet ou de la proposition de loi. Finalement, au moins trois mois après le vote sur l'ensemble, le second vote constitutionnel achève l'œuvre législative de la Chambre. Néanmoins, la Chambre, avec l'accord du Conseil d'État, peut décider de se dispenser de ce second vote constitutionnel.

## RENOVI

Le renvoi est l'acte par lequel la Conférence des Présidents saisit une commission d'un projet de loi ou d'un autre document.

Mir hunn dovunner ofgesinn, hei eng spezial Verifikatiounskommissioun anzesetzen. Et ass jo esou, dass mer déi éischte Kéier elo am Ufank vun dëser Period eng permanent Verifikatiounskommissioun agesat hunn, déi fir d'Chamberwahlen spillt, alles wat d'Validatioun vun de Mandater ugeet bei den nationalen Deputéierten. An dësselwecht Kommissioun wär dann och hei zoustänneg, fir déi Verifikatiounen ze maache fir d'Europawahlen respektiv fir d'Euro-padeputéiert.

Dat geschitt och dann no deene Prozeduren, déi virgesi sinn. Dat heescht, déi Kommissioun mécht e Rapport. De Rapport kann och eventuell bei Reklamatiounen eréischt gemaach ginn, nodeem se de betreffenen Deputéierten oder vläicht Leit vu baussen ugehéiert hunn, fir bei Reklamatiounen ze kucken, wéi seriö dat ass. An da gëtt dee Rapport an der Kommissioun ugeholl an dee gëtt dann an de Plenum bruecht vun der Chamber. An et ass u sech dann d'Chamber als Pleniëre, déi déi Decisioun hält, déi muss iwwert d'Konklusioun vum deem Rapport do ofstëmmen.

Dat ass also d'Prozedur, wéi se hei virgesinn ass, déi zimlech genau also deem entsprécht, wat mer och elo virgesinn hu bei den Nationalwahlen.

Hei spillt jo nach, dass mer müssen, dat ergëtt sech awer och duerch d'europäesch Recht, bannent gewëssenen Zäitramen aktiv ginn, fir dass d'Europaparlament kann a voller Komposition, och mat de Lëtzebuerger Verrieder, da matzäiten ufänken.

Dat setzt allerdéngs viraus, dass déi Leit, déi potenziell gewielt sinn, déi Informatiounen, déi si der Chamber selwer musse matdeelen, hir an den Delaie ginn. Well nëmme wann déi Informatiounen do sinn, da kann d'Chamber och hir Kontrollaarbecht op deem dote Punkt maachen.

E leschte Punkt, op deen ech nach wollt hiweisen, dat gëllt vläicht fir eng zukünfteg Aarbecht, betrëfft och vläicht eis Aarbechten iwwert déi nei Verfassung. Mir hunn an deem neie Verfassungsprojekt virgesinn, dass och eng richterlech Kontroll nach komme soll niert där éischtinstantzlecher Kontroll, déi duerch d'Chamber duerchgefouert gëtt.

Wat d'Wahlgeschäfte ugeet, ass et esou, dass nach eng Recoursméiglechkeet soll agefouert ginn - wéi dat a ville Länner besteet, notament Däitschland huet deen dote System - bei enger neutraler Instanz. Dat wär an deem heite Fall d'Lëtzebuerger Verfassungsgericht, wat da praktesch géif d'Appellinstanz gi bei Onzefriddenheet par rapport zu der Decisioun, déi d'Chamber iwwert d'Regularitéit vu Wahlen respektiv iwwer eenzel Deputéiert geholl hätt.

Et misst een eigentlech, dat wär logesch, och eppes Äänlech virgesinn fir d'Europaparlament. Och do mécht et Sënn. An do gëtt et Uerteeler, notament vun dem Europäesche Mënschegegerichtshaff par rapport zu Rumänien. Déi wollten en äänleche System aféieren, wéi mir en hei zu Lëtzebuerg - eigentlech an der Belsch, et gëtt e puer aner Länner - hunn. An dunn hunn déi vum Europäesche Gerichtshaff gesot kritt: „Ma Dir sidd keng al Demokratie, wou all d'demokratesch Regele fest

verankert sinn. Esou e System ouni richterlech Kontroll, dat dierft Dir net aféieren.“ Bon.

## (Hilarité)

Juristes halen ech net ganz vill vun där doter méi politescher Argumentatioun vun enger Cour. Mä op jidde Fall wësse mer, dass mer do also a Problemer sinn. A fir deem aus de Féiss ze goen, ware mer eis alleguerten eens, fir ze soen: „Majo da soll d'Verfassungsgericht sech an Zukunft als zweet Instanz déi dote Saache kënnen ukucke bei Reklamatiounen.“ An dat misste mer dann och à la rigueur festschreien an eiem Verfassungstext, well dat do eng zousätzlech Kompetenz da wär vun dem Verfassungsgericht.

Voilà, dat wollt ech soen. An deem Sënn géif ech lech bieten am Numm vun der Kommissioun, fir jo ze soen. An ech bréngen natierlech och den Accord vu menger Fraktioun.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Bodry. Den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Léon Gloden. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

## Discussion générale

► **M. Léon Gloden (CSV).** - Merci, Här Président, fir d'Wuert. Fir d'Éischt e Merci dem Rapporteur Alex Bodry fir dee mëndlechen a schrëftleche Rapport.

De Rapporteur ass hei op d'Chronologie vun dëser Proposition agang, wéi se zustane komme ass, firwat se zustane komm ass. Wann een den europäesche Gedanke bis zu Enn féiert, da kéint ee sech am Fong och d'Fro stellen: Firwat kontrolléiert en nationaalt Parlament, ob en Deputéierten an engem supranationale Parlament ka setzen oder net? Mä dat géif elo hei an deene fënnel Minutten ze wäit féieren.

Ech hunn och um Site nogekuckt, et sinn am Fong just nach zwee Länner vun der EU, wou en nationaalt Parlament dat verifiéiert. Dat sinn Dänemark an ebe Lëtzebuerg. An Däitschland gëtt dat zum Beispill duerch e Verantwortlechen op Bundesniveau gemaach.

D'Verifikatioun duerch eng Geriichtbarkeet, ouni dass et eng Contestatioun ass, ass och eng Méiglechkeet. Dat ass zum Beispill an Eisträich oder bei eise belschen Noperen de Fall. Den Här Bodry ass drop agang. An Däitschland gëtt et och de Recours virun engem Geriicht, wann eng Contestatioun do ass. Ech mengen, dat ass eng Fro, déi een nach eng Kéier hei bei eis och intern sollt ausdiskutéieren. Mir hunn et notament ugefaangen am Kader vun de Verfassungsarbechten.

Dëst gesot, soen ech nach eng Kéier Merci hei fir d'Nolauschten a ginn den Accord vu menger Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Gloden. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Eugène Berger.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här Präsident. Ech wëlt der dem Rapporteur, deem am Numm vun der Kommissioun hei de Rapport presentéiert huet, Merci soen. En huet eigentlech all d'Elementer presentéiert.

Effektiv hu mer festgestallt, dass eigentlech awer e Vide ass oder war an der Vergangeneheet, wat déi Prozedur fir d'Verifikatioun vun de Resultater vun den Europawahlen ubelaangt. Mir hunn elo eng Solutioun fonnt, déi e bëssen e Parallelismus ass par rapport zu deene Verifikatiounen, déi mer neierdengs bei den Nationalwahlen maachen. Ech mengen, dass dat awer méi wéi d'Strooss kann halen.

Sief et, dass een eventuell kann iwwerleeën, wéi een et an Zukunft mécht. Do sinn e puer Pisten opgezechent, och an der Verfassung. Mä ech mengen, dass dat hei awer trotzdeem elo en zolitten Text ass, wou mer dann drop kënnen schaffen respektiv dann och an zwou, dräi Wochen kënnen dat eng éischte Kéier applizéieren.

Dat gesot, gi mir op alle Fall och eisen Accord zu dëser Modifikatioun respektiv dëser Verbesserung an Opfëllung (veuillez lire: Opwärtung) vun eiem Chambersreglement.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Berger. An da wier et un der honorabelen Madamm Josée Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Merci, Här Präsident. Och mir soen dem Här Bodry Merci fir déi perfekt Erklärungen zu dëser Modifikatioun a ginn natierlech den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Lorsché. De leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Baum.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Jo, Merci, Här Präsident. Mir kënnen eis deem an dësem Fall och nëmmen uschlëssen, nodeem mer den Text gelies hunn an och no deenen, mengen ech, ganz gudden Explikatiounen, déi den Här Bodry ginn huet, och en vue dovunner, wat an déi nei Verfassung stoe kënnt, d'Verfassungsgericht, dat doranner och eng Funktioun an eng Aufgab sollt hunn.

Dem Här Gloden seng Iwwerleeung, fir ze soen, dass et, wann een den europäesche Gedanke weiderféiert, eigentlech d'Europäesch Parlament misst sinn oder eng europäesch Instanz, déi dat kontrolléiert, ass idealtypesch vläicht richtig. Et muss een awer soen, d'Wahlen fannen och ëmmer an engem nationale Kader statt. An de Corps électoral ass ...

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - No eiem Wahlgesetz!

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - ... nach ëmmer dee vu Lëtzebuerg. Duerfir déi Iwwerleeung. Wann een déi géif opgräifen, da bräicht ee wirklech och paneuropäesch Wahlen, déi net méi un een Nationalstat gebonne sinn. Doriwwer kann ee sécherlech diskutéieren, mä ech mengen, do si mer am Moment nach ganz wäit ewech.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Baum. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung vum Ännerungsvorschlag vum Chambersreglement 7422. Den Text steet am Document parlementaire 7422<sup>1</sup>.

## Vote sur l'ensemble de la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 7422

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dësen Ännerungsvorschlag ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par M. Paul Galles), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Eugène Berger) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

## 9. 7404 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à la présence d'un collaborateur du rapporteur lors de réunions de commission (suite)

Da kéime mer zur Ofstëmmung iwwert d'Resolutioun. Ass een, deen eppes wëllt zur Resolutioun soen?

Da kënnen mer ...

(Interruption par M. Léon Gloden)

Den Här Gloden.

## Résolution 1

► **M. Léon Gloden (CSV).** - Merci, Här Président. Zu der Resolutioun hei, déi eis soumetéiert ginn ass, erënneren ech drun, dass, an do deelen ech am Fong dem Här Bodry seng Duerstellung, am Fong den Deputéierte seng Aarbecht soll ganz eleng maachen. Et ass kloer, dass d'Fraktiounen Mataarbechter hunn, déi Recherche maachen, déi Artikelen nosichen, mä d'Rieden an d'Rapporte sollen am Fong vun den Deputéierte geschriwwen ginn.

Et ass duerfir, wou mer an dat héicht Haus hei gewielt ginn. Mir sinn duerfir och der Meenung, dass am Prinzip soll kee Kollaborateur mat an d'Kommissiounen kommen. Ech hunn dat och gesot.

Op där anerer Säit soll een eng Iwwerleeung ustellen, fir de Fraktiounen méi Moyenen ze ginn, och fir se - an ech mengen, dat rejoinéiert och dat, wat de Spriecher vun der LSAP gesot huet - hei am Parlament, am Haus vum éischte Pouvoir vum Land, besser ze positionéieren oder op d'mannst um selwechten Niveau par rapport zu der Regierung. Well et ass e Fait, dass déi effektiv, an do ginn ech och deene Lénke recht, do mat enger Armada vu Beamten an déi Kommissiounen kommen. Haut nach eng Kéier ze gesinn an der Justizkommissioun. Do ass en Desequilibrium.

Well mir awer der Meenung sinn, dass am Prinzip kee Kollaborateur soll an d'Kommissiounen kommen an op där anerer Säit d'Fraktiounen solle méi Moyene kréien, enthalte mir eis hei bei dëser Resolutioun.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Ass nach eng Wuertmeldung do?

## (Négation)

Da kënnen mer direkt zum Vott kommen.

## Vote sur la résolution 1

De Vott fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Resolutioun ass mat 8 Jo-Stëmmen, 31 Nee-Stëmmen an 21 Abstentiounen net ugeholl.

Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini.

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Paul Galles), Marc Lies (par Mme Martine Hansen), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter.

Domadder wiere mer um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzunge si fir de 14., 15. a 16. Mee virgesinn.

D'Sëtzung vun haut ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 17.37 heures.)